

## Tarifflech Recommandatiounen fir den Theater (Kreatioun, Tantiemen, Droits d'auteur)

D'A:LL regroupéiert a representéiert d'Schrëftsteller\*innen zu Lëtzebuerg, déi enger reegelméisseg literarescher Aktivitéit noginn. Virun deem Hannergrond ass et eis e fundamentaalt Uleies, fir fir **d'Rechter an d'Revendicatiounen** vun eise Memberen anzestoen.

Dëst Dokument riicht sech un déi Leit am kulturellen an artistesche Secteur zu Lëtzebuerg, déi Schrëftsteller\*inne fir d'Kreatioun vun engem Theaterstéck engagéieren. Et soll en **transparenten an novollzéibare Guide** sinn, fir déi Concernéiert ze informéieren a fir iwwert dee Wee eng **fair Honoréierung** vu schrëftstelleresche Leeschtungen ze garantéieren.

Mir beruffen eis dobäi op **d'Charte de déontologie** vum Kulturministère, déi beseet, datt Kënschtler\*inne fir hir Prestatiounen „de manière juste et équitable“ remuneréiert solle ginn.

Mir wäerten eis Recommandatiounen **reegelméisseg aktualiséieren**, fir ë. a. adäquat op d'Präisdeierecht an d'Evolutioun vun de Liewenskäschten ze reagéieren.

D'A:LL huet sech bei hirer Aarbecht ë. a. un de Positiounen a Publikatiounen vu folgenden Associatiounen aus dem noen Ausland orientéiert:

Däitschland Deutscher Bühnenverein

Schwäiz Berufsverband der freien Theaterschaffenden (ACT)

Frankräich Écrivains associés du Théâtre, Etats Généraux des Ecrivaines et des Ecrivains de Théâtre



D'Theaterzeen zu Lëtzebuerg presentéiert sech mat de Kulturhaiser, mat de klengen a groussen Theateren, mat de Kollektive vu Konschtschaffenden an ASBLen als heterogen; dat weist sech och bei der Praxis vun de Remuneratiounen fir d'Schrëftsteller\*innen, déi fir den Theater schreiwen an déi fir hir Prestatiounen bis elo ganz ënnerschiddlech bezuelt ginn.

An deem Zesammenhang ass et eis engersäits wichteg, Rücksicht op d'Budgete vun de klengen Haiser an ASBLEN ze huelen. Anerersäits wëlle mir awer och e Bewosstsi schaaffen fir den Opwand an den Effort vun der schrëftstellerescher Aarbecht, déi am Kader vun enger Kreatioun vergläichbar si mat deene vun de Regisseur\*innen.

Dës Publikatioun soll alle Concernéierten als Referenzdokument déngen, dat Äntwerten op Froen iwwert d'Remuneratioun, d'Tantiemen, d'Prouwen an/oder d'Droits d'auteur gëtt. Eng Marge de manœuvre ass dobäi virausgesat, och fir de spezifesche Situatiounen (Personal, Programmation, Budget, Public) vun all de Bühnen resp. vun den eenzele Projeten gerecht ze ginn.

De Montant, deem d'A:LL recommandéiert, ass deemno **e Minimum**, deem de Schrëftsteller:inne soll zoustoen, déi den Optrag kréien, en eegestännegt Theaterstéck ze schreiwen. Mir gesinn et als selbstverständlech un, datt d'Remuneratioun **am Normalfall iwwert de vun eis als Mindestwäert definéierte Montante** wäert leien. An de Remarquë méi wäit ënne gëtt präziséiert, wéi eng Konditiounen berücksichtegt musse ginn, fir am Eenzelfall déi tatsächlech Remuneratioun festzeleeën.



Déi minimal tarifflech Recommandatioun vun der A:LL fir d'Kreatioun vun engem kuerzen Theaterstéck (bis zu drësseg Minutten) läit bei

**3000,- €** (htva).

Déi minimal tarifflech Recommandatioun vun der A:LL fir d'Kreatioun vun engem méttellaangen Theaterstéck (tëscht drësseg a sechzeg Minutten) läit bei

**4500,- €** (htva).

Déi minimal tarifflech Recommandatioun vun der A:LL fir d'Kreatioun vun engem owendfëllenden Theaterstéck (tëscht sechzeg an honnertzwanzeg Minutten) läit bei

**7000,- €** (htva).

Dobäi ass festzehalen, datt

d'Héicht vun der tatsächlecher Rémuneratioun noutwennegerweis un **d'Gréisst (Joresbudget, Jauge) vun der Struktur**, déi d'Stéck produzéiert, an un d'Komplexitéit vum Projet adaptéiert muss ginn an däitlech méi héich ka leie wéi des Minimaltariffer,

et Schrëftsteller\*inne fräigestallt ass, **eng méi héich Remuneratioun** ze froen, dëst en vue vun hirer professioneller **Erfahrung** (Anciennetéit) an hirem **Parcours** (Literaturpräisser, Publikatiounen, Renommée),

bei de Montant vun där Remuneratioun ë. Ë. **TVA** ka bäikommen,

d'Manéier, wéi den/d'Schrëftsteller\*in bei de Prouwen involvéiert ass, separat ze klären ass. Entweder gëtt **d'Partzipatioun un de Prouwen** an der Remuneratioun fir d'Kreatioun besonnesch berécksiichtegt. Oder se gëtt zousätzlech honoréiert, dëst am Aklang mat den [tariffleche Recommandatioune](#) vun der ASPRO,

d'**Opféierungsrechter** am Virus mussen am Kontrakt gereegelt sinn. Eng limitéiert Unzuel vun Opféierunge (maximal 6) kann duerch den Honoraire fir d'Kreatioun ofgedeckt ginn. Soubal de Spektakel méi dacks opgefouert gëtt, kritt den/d'Schrëftsteller\*in d'Tantiemen no folgendem Modell ausbezuel: **10% vum Erléis vun den Tickete** vun der jeeweileger Opféierung, **mindestens awer 100,- EURO** (htva) pro Opféierung bei klenge resp. mëttelgrousse Strukturen an **200,- EURO** bei grousse Strukturen (Schoulopféierungen oder gratis Opféierunge stelle keng Ausnam duer),

e schrëftleche **Kontrakt**, dee béid Säiten ofsécher, am Virus d'Detailer vun de Prestatiounen festschreift, ë. a. am Bezuch op d'Droits d'auteur, d'Visibilitéit vun de Schrëftsteller\*innen an der Kommunikatioun (Affichen, Pressearbecht, asw.), d'Prouwen an d'Délaien.

•

D'A:LL schafft un engem Contrat-type fir den Theater. Dëse soll am Laf vum Joer alle Concernéierten aus dem Theatersecteur als Basis fir Verhandlungen zur Verfügung gestallt ginn.

•

Wann Dir Froen oder Commentairen zu dësem Pabeier hutt, schreift eis se gären op:

[info@a-ll.lu](mailto:info@a-ll.lu)